



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Am „REPORTER“-Artikel „Family business im Bildungsministerium“ vum 30. Mäerz 2023 heescht et am Zesammenhank mam „e-Bichelchen“, enger App, déi säit September 2022 an de Primärschoulen an enger Pilotphas genotzt gëtt, datt den Optrag fir d'Entwécklung vun dëser Software 2022 vum „Centre de gestion informatique de l'éducation“ (CGIE) un de Jong vum stellverriedenden Direkter vum CGIE erdeelt gouf an datt de Leschtgenannten am Virfeld vun dëser Decisioun bei sengem direkte Virgesetzte Bedenke géint „einen potenziellen Interessenkonflikt“ ugemellt huet. Et liest ee weider: *„CGIE-Direktor Daniel Weiler informierte allerdings weder das Kabinett des Ministers noch Claude Meisch selbst über den Interessenkonflikt seines Stellvertreters. Mehr noch: In den obersten Etagen des Ministeriums wurde man nicht darüber in Kenntnis gesetzt, dass die Software nicht vom CGIE, sondern von einem externen Dienstleister hergestellt wurde.“*

An deem Zesammenhank hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

- 1) Kann den Här Minister d'Grënn nennen, firwat de CGIE-Direkter säi Virgesetzten net iwver den Interessekonflikt vu sengem Stellverrieder a Kenntnis gesat huet?
- 2) Kann den Här Minister Informatiounen iwver eventuell intern Konsequenze betreffend d'Feelverhale vum CGIE-Direkter ginn?
- 3) Huet den Här Minister en Abléck an déi aner Opträg, déi de CGIE an de leschten zwee Joer erdeelt huet? Wa jo, kann den Här Minister preziséieren, ëm wéi eng Opträg et sech dobäi handelt an u wéi eng Firmen déi Opträg vergi goufen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup

Deputierten



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7901 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 7868 erkläert, huet de CGIE-Direkter zu kengem Moment en Interessekonflikt gesinn, well de Stellvertrieder vum CGIE-Direkter zu kengem Moment an den Entscheidungsprozess mat agebonne war.

Ad 2)

Et steet mir net zou, méiglech intern Demarchen a personell Konsequenze fir e Beamten oder Employé öffentlech ze maachen.

Ad 3)

D'Software-Entwécklung vum CGIE gëtt ausschliisslech "inhouse" vun der Entwécklungsequipe vum CGIE gemaach, ausser wann eng Urgence virläit a kuerzfristeg keng intern Ressourcen disponibel sinn, oder de CGIE net iwver déi néideg Kompetenze verfüügt. Dëst ass an de leschten zwee Joer just an dese Fäll gemaach ginn:

2021

- Integration SMS (*School Management System*) fir international Schoulen duerch d'Firma *MySchool Limited* (Malta)
- Weiderentwécklung vun der Applikatioun *Untis Central* zur Berechnung vun den Iwwerstonne vun den Enseignanten am ES duerch d'Firma *Untis GmbH* (Eisträich)

2022

- Entwécklung vun der Applikatioun *e-Bichelchen* fir d'Hausaufgabenhëllef vum Fundamental duerch d'Firma *Apporix* (Lëtzebuerg)
- Mobile App Entwécklung vun engem Messenger basierend op *open source Matrix* Protokoll (POC fir iOS + Android) duerch d'Firma *Ungleich glarus ag* (Schwäiz)
- Weiderentwécklung vun der Applikatioun *Untis Central* zur Berechnung vun den Iwwerstonne vun den Enseignanten am ES duerch d'Firma *Untis GmbH* (Eisträich)

Lëtzebuerg, den 12. Juni 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH